# 10 AKTIOUNE
## FIR ENG STAARK FINANZBILDUNG

**SENG ZUKUNFT VIRBEREEDEN, HEESCHT, SENG FINANZE VERSTOEN.**




**WAT SI SUEN?**



**ECH A MENG SUEN**



**ECH ALS AKTIVE MEMBER VUN DER GESELLSCHAFT AN DER WIRTSCHAFT**



**ECH A MENG ZUKUNFT**

---

### 1. E ROUDE FUEDEM VU KLENG BIS GROUSS

Dëse Kompetenzkader strukturéiert d'Finanzbildung fir Kanner a Jonker. E baut op véier grouss Theemeberäicher op.

### 2. DE FINNY FIR DÉI GANZ KLENG

Dëst neit mediepedagogescht Format fir de Cycle 1 vermëttelt en éischt Verständnis vu Suen op eng spilleresch an einfach Manéier.

### 3. VERANKERUNG AM LÉIERPLANG VUN DER GRONDSCHOUL

All Kand kritt d'Méiglechkeet op eng fréi Finanzbildung an de Cyclen 2 bis 4 mat themateschen, kandgerechten Unterrechtsformater.

### 4. E FINANZMAGASINN FIR D'SCHOUL A FIR DOHEEM

De *Piwitsch*-Finanzguide ass e Magasinn fir de Cycle 4 mat Artikelen, Podcasten a Videoen.

### 5. EDUSTART-UPS AN DE LYCÉEËN

Mat den EduStart-Ups huet all Lycée d'Méiglechkeet, eng Schülerfirma ze grënnen.

### 6. E „FINANZFÜRERSCHÄIN" FIR ALL JONKEN

Op 5e an op 2e huet all Schülerin an all Schüler d'Méiglechkeet, e perséinleche „Finanzfürerschäin" ze maachen.

### 7. ENG GEMEINSAM VISIOUN VUN DER FINANZBILDUNG

E staarke Reseau vu Partnerorganisatiounen, fir d'Welt vun de Finanzen an d'Welt vun der Educatioun méi no beieneen ze bréngen. Mat engem groussen Dag vun der Finanzbildung.

### 8. EN NEIE LABEL FIR D'SCHOULEN

Mam Label „Financial Literacy School" kann all Lycée eng Zousazqualifikatioun ubidden.

### 9. SPEZIALISÉIERT SEKTIOUNE RONDERËM D'WELT VUN DE FINANZEN

Op ausgewielte Plaze gi spezialiséiert Sektioune fir Schülerinnen a Schüler ugebueden.

### 10. SYSTEMATESCHE MONITORING

Geziilte Sondagen an eng éischt Participatioun un der PISA-Optioun „Financial Literacy" am Joer 2029 gëtt en Iwwerbléck iwwert d'Fortschrëtter.

SCRIPT

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse